N°3305
Entrée le 23.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Premierminister a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 3305 vum 8. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

**1. Kann den Inneminister bestätegen, dass all d'Gemengen an hire Bréiwer op den Ombudsman opmierksam maachen, esou wéi d'Circulaire et virschreift? Falls nee, wéi vill Gemenge maachen et net a firwat net?**

**2. Ass et och an de Bréiwer bei de staatleche Verwaltungen esou, dass allVerwaltung an hire Bréiwer op den Ombudsman opmierksam mécht, esou wéi d'Circulaire et virgëtt? Kann d'Regierung ausschléissen, dass verschidde Verwaltungen dëst net maachen a falls jo, wéi eng sinn dat a firwat?**

Den Ombudsman spillt eng zentral Roll an eisem demokratesche Rechtsstaat. Et ass eng onofhängeg Institutioun, déi d’Rechter vun de Biergerinnen a Bierger vis-à-vis vun der Verwaltung schützt an zur Transparenz an zur Qualitéit vun den administrative Prozesser bäidréit.

D’Regierung kann net ausschléissen, datt et an der Praxis Fäll gëtt, an deenen den Hiweis op eng méiglech Saisine vum Ombudsman net oder net konsequent an de Bréiwer vun alle Ministèren, staatleche Verwaltungen a Gemengen opgefouert gëtt.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN